1966 – 2016

Gëllend Priesterjubiläum vum Pe Emilio

Et war den 3. Juli 1966 wéi den Emile WAGNER, zesumme mat 70 Diakonen aus verschiddene Länner aus Europa a Lateinamerika, zu Roum, vum Popst Paul VI. zum Priester geweiht ginn ass. An den 10. Juli 1966 huet den Emile seng Primiz zu Märel gefeiert.

Mee, wee war den Emile WAGNER ?

Hien ass den 1. Oktober 1934 zu Bieles gebuer. Seng Primärschoulzäit huet hien zu Märel an och an der Aldringerschoul verbruecht. Dono war hien zu Bouneweg an der Oberprimärschoul. No de Kriichsjoeren huet den Emile sech zu Märel am Scoutismus engagéiert fir 1957 zum Scouts-Chef ernannt ze ginn. Den Emile war och 12 Joer laang aktive Member an der Märeler Musik.

Vun 1950 un war den Emile Schüler am Institut Emile Metz, wou hien als Elektriker erausgaangen ass. Nom Militärdéngscht ass den Emile op den Technikum gaangen. Dräi Joer méi spéit, huet hie säin Diplom als ingénieur-technicien am Elektreschen iwwerreecht kritt mat deem hien dunn bei der ARBED agestallt ginn ass.

Et war net vu laanger Dauer. Den Emile huet relativ séier gemierkt, dass dat net säi Wee wär. Hie wollt Geeschtlech ginn an a Lateinamerika schaffen. Op der ARBED ass gekënnegt ginn, fir seng Studien a Frankreich, an dono zu Louvain weiderzeféieren. Hien huet Philosophie, Theologie a Economie studéiert an zwëschenduerch och Portugiesesch, well hie sech fir Brasilien entscheed hat.

No der Priesterweih an der Primiz ass den Emile den 31. Oktober 1966 mat engem ARBED-Frachter iwwer England op Salvador de Bahia gefuer. Den deemolegen Äerzbeschof vu Salvador wousst, dass den Emile Priester an zugläich Techniker wär, a grad dofir ass hie Paschtouer zu Pirajá, etlech Km vu Salvador eweg, ernannt ginn, do wou um Opbau vun engem groussen Industriezentrum geplangt ginn ass.

Knapp 6 Méint dono ass den Emile zousätzlich Kaploun zu Simões Filho ginn. Ob Pirajá oder Simões Filho, eppes war direkt gewosst : Mënschen, déi hongreg sinn, net liesen a schreiwe kënnen, kritt ee net esou séier un d'Bieden. Et huet un Infrastrukture gefeelt fir d'Leit zesummenzebréngen an eng liewensfäheg reliéis Communautéit op d'Been ze kréien.

Nodeems de belsche Paschtouer vu Simões Filho vun der deemoleger Militärregierung aus dem Land verwiese gi war, ass den Emile 1970 säi Nofolger zu Simões Filho ginn. Deemols hu 25.000 Leit zu Simões Filho gewunnt, haut sinn et der iwwer 130.000.

Et ass keen Zweiwel, dass den Emile - a Brasilien Pe Emilio genannt - seng Vocatioun dem Scoutismus ze verdanken hat. Getrei engem Punkt vum Scouts-Gesetz, « E Scout mécht sech nëtzlech an hëlleft jidderengem", huet den Emile sech un d'Aarbecht ginn. Et sinn Gemeinschaftszentre mat Schoulsäll gebaut ginn, eng Beruffsschoul an eng Schoul fir behënnert Kanner, um Bau vum Kannerduerf war de Pe Emilio och bedeelegt. D'Bildung war fir den Emile den allerwichtegsten Ecksteen vu sengem Wierken, sou dass eigentlech dat ganzt Schoulwiese vu Simões Filho him ze verdanken ass. E Sozialdéngscht ass geplangt an organiséiert ginn, dee Liewensmëttelen, Medikamenter, Kleeder, Eternitsplacken un déi Aarem aus der Por verdeelt huet. Pastoralgruppen – fir Kanner, Jugendlecher, Familljen, Prisonéier, Gesondheet, Liturgie - sinn entstaan, déi, am Kader vum Pe Emilio senger vielfälteger Funktioun als Priester, eng eminent wichteg an aktiv Roll gespillt hunn.

Dem Pe Emilio seng Devise "Engem Matmënsch, besonnesch engem Aarmen hëllefen, ass fir mech eng vun de nobelsten Aufgaben déi et gëtt" a weider "Ech ka net méi liewen, ouni ze hëllefen", ware keng eidel Wierder. Ganz am Géigendeel! De Pe Emilio huet se, Dag fir Dag, a Joer fir Joer, gelieft, ouni midd ze ginn, ouni de Courage ze verléieren, an dat obschons hien eis eng Kéier geschriwwen huet, dass et schwéier wär Missionar ze sinn. "Mir kënnen de Leit d'Wuert Gottes eréischt da bréngen, sou de Pe Emilio, wa mir hir Problemer kennen, wa mir hir Nout zou onser Nout maachen. A Christus huet eis de Wee gewisen".

Nach haut, 17 Joer nom Doud vum Pe Emilio, ass säi Wierken a Schaffen a Brasilien net vergiess. Esouguer fir Jugendlecher ass de Pe Emilio, obschons si zu senge Liewzäiten nach net mol gebuere waren, keen Onbekannten. En Zeechen, dass de 33-jährege Passage vum Pe Emilio zu Simões Filho séng Friichte gedroen huet, an dat och nach haut !

Andrée MAQUIL

Nos projets avancent .....

En novembre dernier (bulletin 28) il était question de deux nouveaux projets de cofinancement en cours d'élaboration.

Le projet **« Education complémentaire – acquérir et transmettre des connaissances »** a trouvé l'approbation du Ministère de la Coopération et a démarré le 1er avril 2016 pour une durée de 2 ans. Ce projet, d'un montant total de 121.466 EUR (80.978 EUR à charge du gouvernement et 40.488 EUR à charge de notre ONG) pour les 2 années, prend en charge 75 enfants de 6-10 ans qui se trouvent dans un contexte familial et social difficile. Le projet vise à renforcer l'éducation formelle des enfants par des cours d'appui et des ateliers sportifs et ludiques, à offrir une aide au développement des capacités d'autoprotection et de résilience des enfants et finalement à resserrer les liens familiaux. Le projet offre en outre une alimentation équilibrée et saine journalière, un suivi médical régulier ainsi qu'un suivi pédagogique et psychologique.

Le 2ième projet **« Centre éducation de la petite enfance – je joue et je grandis »** est en cours d'élaboration, devant être remis au Ministère de la Coopération avant fin août 2016. Ce projet prend en charge 114 enfants entre 2 et 5 ans issus de la couche défavorisée de la population de Simões Filho. Cette structure d'accueil et de soins déjà existante considère le développement intégral du petit enfant – aspects biologiques, psychiques et sociaux. Il est envisagé de faire démarrer ledit projet fin 2016/début 2017. Pour le projet actuellement en cours, il nous a été accordé un prolongement de 6 mois. Les 5 mois restants de l'année seront à charge de notre ONG.

Le projet **« Tournesol »** bat son plein actuellement. Il accompagne les personnes âgées de Simões Filho en leur offrant des activités pédagogiques et culturelles, des ateliers d'artisanat, des rencontres thématiques, des promenades culturelles ainsi qu'un suivi médical et une aide sociale, pédagogique et psychologique dans le but d'améliorer leur qualité de vie. Ce projet, tout comme les précédents du même genre, fonctionne à la grande satisfaction à la fois des participants que des responsables du projet. Il prend fin en août 2016. Un prolongement de 6 mois a été accordé par le Ministère de la Coopération. Dans les mois à venir un nouveau projet sera élaboré en guise de continuité du projet TOURNESOL.